d'Zeitung vum Naturmusée fir jonk Leit

# De Panewippchen

6-12 Joer



Äiskal Visiteuren

D'Geschicht vun de klenge Raupen

Hielenexpär

N° 153 1/2026
4x pro Joer

NATUR MUSÉE

# Neies

## 46.000 Insekten an 172 Këschten - wat e Schatz fir den Naturmusée!

Den Naturmusée huet eppes richteg Extraes kritt: Eng riseg **Kiewerlekssammlung** vum Sammler Francis Matt! A firwat ass dat esou speziell? Den Naturmusée huet dach bestëmmt schonn eng grouss Sammlung?
Bal richteg: Dës Sammlung ass esou wäertvoll, well si ënner anerem seelen, ganz seelen a lokal ausgestuerwen Aarten enthält.







Dëst ass fir Fuerscher a Fuerscherinnen immens spannend, well seelen Aarten nun emol ... ganz seele sinn. Dat heescht, datt souguer eis Fuerscher a Fuerscherinnen dës Aarten net heefeg ze gesi kréien.

Dowéinst ass dës Sammlung e richtege Fuerschungsschatz!



## Hei elei, kuck eng Bei!

### Beelibre.lu - hei gëss du alles iwwer d'Wëllbeie gewuer

Wousst du, datt et zu Lëtzebuerg **iwwer 350 verschidden Aarte vu Wëllbeie** gëtt?


Nee? Ma ville Leit geet et d'nämmlecht. Dofir huet en Team vu Fuerscher a Fuerscherinnen aus dem Naturmusée, an Zesummenaarbecht mat der Fondation Faune-Flore, eng Website gebaut, fir déi manner bekannte Wëllbeie méi berüümt ze maachen. Dat ass noutwendeg, well ons Wëllbeien net nëmmen immens wichteg Bestëbser sinn, mee och fir eisen Ekosystem onverzichtbar. Leider si si (bis elo!) net bekannt genuch. Hoffe mer, datt dat sech ännert!







TEXT: SELMA WEBER

# Wien huet mäin Iesse geklaut?



Stell der vir, du kachs dir eppes Leckeres, mee an der Sekonn wou s du ewechkucks, klaut dir een e bëssen eppes vum Teller. Net esou vill, datt s du net méi genuch häss. Mee awer eng kleng Portioun.

Esou änlech ass et engem **Trilobit**, enger Aart ausgestuerwenem Glidderdéier, ergaangen. An der Fuerschung nennt een dëst eng „kommensalesch Bezéiung". Dat bedeit, datt een Organismus sech vum Iesse vun engem aneren Organismus zerwéiert, him dobäi awer net schued. A wéi fënnt een eraus, datt zwee Organismen esou eng Bezéiung haten? Ma an dësem Fall duerch e Fossil. Kuck emol op der Foto: Gesäis de, wéi deen een Organismus sech an deen aneren „eragesat" huet? Dëse Fossil gouf iwwregens wärend enger Gruewung vun eise Paläontologen entdeckt – e ganz seelene Fond!



**Opléisung Quiz PW4/2025**

D'Léisungswuert heescht DRÉCHEMAUERBAUERIN.

Gewonn hunn d'Buch «De Wiichtel Wumm»:

- **d'Kanner aus der Klass vun der «Joffer» Claudine Scheitler**
- **d'Hannah Engel**
- **de Charly Engels Benjouda**

mir gratuléieren!

**Léisung vun de Rätsele vun der Säit 22:**

Koméit: De Wee 1

Buschtawenzalot:

HIMMELSDÉIERCHEN, ZITROUNEPÄIPERLEK, OUSCHTERBLUMM, SCHNÉIGLÄCKELCHEN, BONTSPIECHT, ÄISVULL, SCHMUEWELSCHWANZ, HIELENEXPÄR

PW 1/2026 N° 154

**SÄIT 1**
DE PANEWIPPCHEN 1/2026
**SÄIT 2**
Neiegkeeten aus dem Naturmusée
**SÄIT 4**
ÄISKAL VISITEUREN
Koméiten
**SÄIT 8**
GESCHICHT
Wéi aus enger Raup e Schmuewelschwanz gëtt
**SÄIT 14**
KNIWWELEN
Fréijoersbam
**SÄIT 16**
FIR KLENG LIESRATEN
D'Schnéigläckelchen
**SÄIT 18**
REDAKTER/ESCH FIR EN HALLWEN DAG
**SÄIT 22**
RÄTSELEN
Fann de Wee bei de Koméit a Bustawenzalot
**SÄIT 23**
FIR MATZESANGEN
De klenge Raup
**SÄIT 24**
ZECKEN
**SÄIT 28**
Dem Léiw Freddy säi Liewen
**SÄIT34**
WAT WAR LASS AM PANDA CLUB?
**SÄIT 36**
HIELENEXPÄR
De Bontspiecht
**SÄIT 38**
KACHEN
Eng Fréijoerszopp
Impressum
**SÄIT 40**
Naturmusée



NATUR MUSÉE



# Äiskal Visiteuren

An de leschte Méint sinn eng Rei Himmelskierper duerch onse Sonnesystem gejauft, déi nawell spektakulär gutt ze beobachte waren. Rieds geet vun de

**Koméiten**.




Koméit Halley



Kär vum Koméit 81P/Wild2

Koméite bestinn aus Äis, Stëbs a gefruere Gasen a ginn dofir och nach „knaschteg Schnéiklatzen“ genannt. Si kommen aus dem Kuipers Belt an aus der Oortsche Wollek. Dës sinn nach vill méi wäit ewech vun der Sonn wéi de Planéit Neptun oder den Zwergplanéit Pluto; um leschte Wupp vun onsem Sonnesystem souzesoen.







Koméit Hale-Bopp



Koméit 67P

D’Wëssenschaft geet dovunner aus, datt Koméite bei der Gebuert vun onsem Sonnesystem entstane sinn. Do goufe gliddegwaarem Gaser un de Bord vum Sonnesystem gedréckt a sinn do, zesumme mat Stärestëbs zu Äisklompe gefruer. Kleng Koméite sinn e puer 100 Meter déck. Et ginn awer och schwéier Luppesse vun e puer Kilometer Duerchmiesser.







Koméit 2P/Encke

An der Oortsche Wollek jauwen eng Abberzuel vun dëse „Schnéiklatzen“ ronderëm. Wa si anenee knuppen oder ganz no laanschtenee fléien, kann et sinn, datt se aus der Wollek rausgeschleidert ginn. Da maache se sech op de 6750 Milliarde Km laange Wee bis bei ons Sonn. An dofir brauche si e puer Dausend Joer!

Vun der Äerd aus kënne mir hier Rees awer nëmmen op deene leschte 700 Millioune Km beobachten. Dann nämlech si se no genuch bei der Sonn. Si hëtze sech op an d'Äis fänkt un ze schmëlzen. Well de Weltall e lofteidele Raum ass, verwandelt d'Äis sech net a Waasser, mee a Gas. D'Wëssenschaft nennt dat „ausgasen". Esou entsteet ronderëm de Koméitekär eng Gaswollek. Si gëtt an der Astronomie als **„Koma"** bezeechent.








Dës Koma reflektéiert d'Sonneliicht vill besser wéi de Koméitekär an ass dofir och vill méi einfach ze erblécksen. Duerch de Sonnewand* an d'Magnéitfeld vun der Sonn gëtt d'Koma vun der Sonn fortgedréckt. Esou bilt sech de bekannte **Koméiteschwäif**. Eigentlech besteet de Schwäif awer aus zwee Deeler. Dee riichten, liicht bloelzege **Gasschwäif** an dee gutt siichtbaren, liicht gekrëmmte **Stëbsschwäif**.




**De Koméit C/2012 S1 ISON am Joer 2013**




* D'Sonn schéckt dauernd Stralung an elektresch opgelueden Deelercher (Elektronen a Protonen) an de Weltraum. Dëse konstante Floss vun Deelercher nennt d'Wëssenschaft Sonnewand.




Koméite beweege sech op laanggestreckten elliptesche Bunnen. Si kënnen awer och aus dem interstellare Raum kommen, also vun ausserhalb vun onsem Sonnesystem. Da jauwe se just eemol laanscht ons Sonn a verschwannen dann nees fir ëmmer an der Däischtert vum Weltraum.

**De Koméit 3I/ATLAS festgehal vum Spectrograph Gemini am Chile**



Enn Abrëll 2026 kanns du selwer eng „knaschteg Schnéiklatz" um Nuetshimmel beobachten! **De Koméit C/2025 R3 (PANSTARRS)** zitt laanscht onsen Heemechtsplanéit a ka schonns mat enger einfacher Spektiv observéiert ginn.





# Geschicht:

# Wéi aus enger klenger Raup e Schmuewelschwanz Päiperlek gëtt.

vum Noah (7 Joer)





Summer 2022



## 26. August 2022

An der Summervakanz hu mir vill Zäit an der Natur an am Gaart verbruecht. Enges Daags hu mir an der Bomi hirem Gaart zwee kleng faarweg Raupen am Fenchel an an de Muerte fonnt.

Mir hunn dunn e Glas mat Deckel geholl, hunn d'Raupen dra gesat a si weider mat Fenchel gefiddert. An den Deckel hu mir Lächer gebuert fir ze ootmen a mir hunn e puer Fotoe vun de Raupe gemaach.

## 27. August 2022

Haut hu mir d'Raupen aus dem Glas geholl a si an den nei kaaften Terrarium geluecht.

All Dag hu mir d'Raupe mat frëschem Fenchel a frëschem Grings vun de Muerte gefiddert a frëscht Waasser an den Terrarium gesprutzt.







TEXT: NOAH LEICHTENBERG



## 28. August 2022

Gëschter Owend, also no 6 Deeg am Terrarium, huet déi éischt Raup sech verpoppt (Kokon).

Déi zweet Raup huet sech un engem Bengel festgepecht.

Mir hunn eng 3. Raup fonnt a si och an den Terrarium geluecht. Dunn hate mer dräi faarweg Raupen. Eng verstoppt sech ënner dem Deckel.

Op dësem Bild pecht déi éischt Raup sech fest a verwandelt sech an de Kokon. Dobäi dréint si hire Kierper.





Dat ass den éischte Kokon.



Hei dréint sech déi zweet Raup a pecht sech dobäi un den Aascht. Doraus gëtt den zweete Kokon.



## 29. August 2022

Déi drëtt Raup huet sech haut de Moien och an der Fënster vum Terrarium verpoppt.

Elo sinn allen dräi Raupe verpoppt.

Mir hunn nach emol Waasser gesprutzt.







## 1. September 2022

Haut huet de Bopa en neie groussen Terrarium aus Holz gebaut. Dee klengen Terrarium hu mer dunn an déi grouss holze Këscht gesat, fir datt d'Päiperleken, wa si aus dem Kokon erauskrauchen, och fléie kënnen.

## 13. Februar 2023

Elo ass d'Enn vum Wanter do an déi Raup, déi sech als lescht verpoppt hat, ass als éischte Päiperlek aus dem Kokon erausgekroch.

Mir hunn e klengen Deckel mat Uebststécker virbereet. A wou dem Päiperlek seng Flilleken dréche waren, konnt hien den Nektar aus dem Uebst suckelen.

Den neie Päiperlek konnt elo an der Bomi hirer Kiche ronderëm fléien.

Leider ass de Päiperlek enges Daags an der Bomi hiert Spullwaasser geflunn ... an erdronk. 🙁 D'nächst Kéier passe mir besser op.

Déi zwee aner am Kokon sinn nach ëmmer net erausgekomm.



Iwwer de Wanter an iwwer d'Fréijoer stounge si mam Terrarium an der Bomi hirer waarmer Kichen.

Mir hu si reegelméisseg mat Waasser gesprutzt. AN?

Virun dräi Wochen huet sech d'Faarf vun engem vun de Kokone verännert an owes ass e schéine Päiperlek am Terrarium ronderëm geflunn.

Dräi Deeg méi spéit ass och de leschte Päiperlek geschlüpft. Aus de Raupen hu sech dräi verschiddefaarweg Schmuewelschwanz Päiperleken entwéckelt.

Dat war e schéint Abenteuer, besonnesch well mir eis am "Päiperleksgaart" doriwwer informéiert hunn, ob mir och alles géife richteg maachen.







Noah (7 Joer) an d'Bomi Astride.
De Luca huet, mat senge 4 Joer, och gutt gehollef.

# KNIWWEL

## Fréijorsbam



4



Wéckel d'Woll ronderëm däi Bam.

5



Schneit Bléien aus dem faarwege Pabeier.

6

Stiech d'Bléien hanner d'Woll a fäerdeg ass däi Fréijoersbam.





# Fir kleng Liesraten

# D'Schnéi




Hei wiisst d'Schnéigläckelchen an der Natur.

A Gäert gëtt si bal a ganz Europa ugeplanzt, an an Nordamerika.




D'Schnéigläckelche blitt vu Februar bis Abréll - a waarme Wanteren och schonn am Januar.



D'Schnéigläckelcher bléie meeschtens zesummen a Gruppen.

Schneeglöckchen - perce-neige - snowdrop - *Galanthus nivalis*

# gläckelchen

Déi wäiss Blimmercher kënnegen d'Fréijoer un.
Ob d'Kaweechelche wuel Virfreed spiert?







Nom Wanter ass d'Schnéigläckelchen eng vun den éischte Fudderplanze fir d'Beien.








Spéitstens am Mee ass d'Blumm verschwonn.
D'Zwiwwel lieft am Buedem weider.
Am nächste Wanter schéisst si erëm aus.


# Redakter/Redaktesch

## Scharlachsichler



Besonderheiten: Die kräftige rote Farbe stammt von Carotinoiden. Das sind natürliche Farbpigmente die in Pflanzen und Algen vorkommen.

### Nahrung:



Ist ein Scharlachsichler eine bedrohte Tierart?

Ja ○ Nein ○



### Lebensraum




nördliches Südamerika


### Feinde:

Schlangen, Waschbären, größere Greifvögel

Der Scharlachsichler ist keine bedrohte Tierart



~ 500 g




56 - 70 cm


Pit Ben



# n fir en hallwen Dag

Super flott a kreativ Artikelen zum Theema «Déieren am Naturmusée» hu 4 Panda Kanner geschriwwen. Iwwer de Redaktiounskommitee, d'Recherche, d'Biller molen an d'Säiten zesummestellen, hu si alles selwer gemaach. Gratulatioun fir dës fantastesch Aarbecht! ☺

## Finde den Weg




## Sudoku




## Finde 6 Fehler



## Finde den Weg



## Sudoku



# Stabheu-Schrecke



## Tarnung

Sie tarnen sich
als dünne Zweige



## Steckbrief

| | |
|---|---|
| | 8-11 cm |
| | Braun, grau, grün, blau |
| | 1-2 Jahre |
| | Nachts |
| | Brombeerlaub, Eichenlaub, ... |
| | Phasmatodea |
| | Asien, Afrika, Europa, Nordamerika |
| | Insekten, die wie dünne Zweige oder Äste aussehen |

Felix






# Eisvogel



Dem Eisvogel seine **Feinde** sind:

- Ratten
- Wiesel
- Greifvögel
- Füchse
- Hauskatze
- Krähen
- Elstern
- Waschbären
- Schlangen
- Hermeline

**Ei:**



Ein Eisvogel
- brütet 2-3x/Jahr  Februar bis März
- legt 6-8 Eier
- sie paaren sich von Februar bis März

Größe: 16-18 cm
Gewicht: 35-40 g

türkises Gefieder



langer Schnabel

oranger Bauch

kleiner Körper

kurze Schwanzfedern

rote Füße



Er macht das, weil er so besser die Fische fängt.




## Nahrung des Eisvogels:

Der Eisvogel ist ein Fleischfresser.
- Fische
- Insekten
- Kaulquappen
- kleine Frösche










- guter Sehsinn
- erkennt Bewegungen unter Wasser
- sieht seine Beute bis zu 90 m weit

# RÄTSEL








**Hei sinn dem Panewippchen d'Buschtawen duergernee geroden. Hëllef him d'Wierder richteg ze schreiwen!**

- HIMMLESDIERCHENÉ → ☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐
- TRIZOUNEPERPÄILEK → ☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐
- BLUSCHTEROUMM → ☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐
- PAPPENWICHEN → ☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐
- GLÉISCHNÄCKELCHEN → ☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐
- STONPIBECHT → ☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐
- VISULLÄ → ☐☐☐☐☐☐☐
- SCHWAWELSCHMUENZ → ☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐
- HEXPIELENÄR → ☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐☐



*D'Léisung fënns du op der Säit 2.*

# De klenge Raup








## WAT HUET DÉI ZECK EE MONDGESCHIER!




# LIEWENSZYKLUS

## GEWÉINLECH

Gemeiner Holzbock, tique de

Eréischt wann d’Zeck Blutt drénkt, hait se sech an entwéckelt sech weider. Esou gëtt aus der Larv (Bëbee-Zeck) eng Nymph (Teenager-Zeck).

**ZECKE GEHÉIEREN ZU DE SPANNENDÉIEREN!**

**D’ZECKE BÄISSEN NET, SI STIECHEN!**

Et sollt also **Zeckestéch** an net **Zeckebëss** heeschen!






Well d’Nymphen (Teenager-Zeck) an d’Aldulten (Erwuessen-Zecken) 2 Joer laang ouni Blutt kënnen iwwerliewen, kann de Gewéinlechen Holzbock 3 bis 5 Joer al ginn.

# VUN DEN ZECKEN

## ...EN HOLZBOCK

...mouton, sheep tick, Ixodes ricinus




ËNNERSCHEED WEIBCHEN/MÄNNCHEN

**Weibchen:** D'Réckeschëld bedeckt just den hallwe Réck well et muss sech kënne vollsuckelen.
**Männchen:** D'Réckeschëld bedeckt de ganze Réck.

Aus der Nymph kann dann eng erwuessen Zeck ginn. Et kann heiansdo bis zu 2 Joer dauere bis si en Affer fannen, bei deem se Blutt suckele kënnen.

Vollgesuckelt Weibchen: brauch Blutt fir datt d'Eeër sech entwéckelen.




D'Weibche leet e puer dausend Eeër, duerno stierft et.




1. **Hongregt Weibchen**: 3-4 mm
2. **Vollgesuckelt Weibchen:** 15 mm




• Déi erwuessen Zeck lauert meeschtens op Knéi- oder Hëftstéicht.
• Déi kleng Zecken – Nymphen a Larven – sëtze méi no beim Buedem.

**ZECKE KËNNEN DUERCH DE KLIMAWANDEL D'GANZT JOER AKTIV SINN.**

SOU HËLS DU ENG ZECK ERAUS



TEXT: CLAUDINE BIEL, KATHARINA KURT, ALEXANDER WEIGAND

# FUN F

## HÄSS DU DA

## ENG SUPER „NUES“

Zecken hunn hir **„Nues“** net am Gesiicht, **mee un de viischte Been!** Domat kënne si Déieren oder Mënschen erschnoffelen. E puer Zecke kënne Schweess richen, Otem spieren an de Kuelendioxid an eiser Ausotemloft mierken.





Aner Zecke benotzen hir Aen: Si kënne Schiet a Beweegunge gesinn!

## BETÄUBUNGSMËTTEL A PECH - ZECKEN AN HIR TRICKER

Wann eng Zeck pickt, da späizt se e **Betäubungsmëttel** eraus. Esou spiert ee guer net wa si pickt. Kuerz nom Stéch produzéiert d’Zeck och **eng Zort Pech.** Domat pecht si sech un d’Haut, esou datt ee se net esou einfach lasskraze kann.




## ET GËTT ZECK DÉI LAUEREN…

Si strecken hir viischt e Geroch aus der Loft Eng kuerz Beréierung d’Zeck sech ganz séie Krallen um Pelz oder festklamert.

## …AN ANERER,


z. B. Hyalomma-Zecke

Si kënnen 500 Meter Angscht! S ee Meter p eng winzeg scho séier.

## HÉICH SPEZIALISÉIERT!

Et gëtt Zecken, déi bäissen nëmme Fiedermais. Aner Zecke bäisse just Deckelsmouken.

Giraffe ginn net vun Zecke gebass, well Zecken de Giraffegeroch net ausstoe kënnen.



GIRAFFE SI SÉCHER!



Op der ganzer Welt si bis elo **900 bis 1000 Zeckenaarten** entdeckt ginn. Zu Lëtzebuerg ginn et **15 verschidden Zeckenaarten.**

Vun deene 15 Zeckenaarten zu Lëtzebuerg ginn der 10 op de Mënsch, dovun awer nëmme 5-6 méi heefeg.

## SINN ALL ZECKE FIR EIS GEFÉIERLECH?

**Nee**, wann een 100 Zecke vun der Aart Gewéinlechen Holzbock hätt, dann hu just 10-20 vun deenen Zecke Borreliosbakterien a sech, déi eis krank maache kënnen, wann eng Zeck eis bäisst an ze laang suckelt. Dofir huel si esou séier wéi méiglech eraus!

# FACTS

## T GEWOSST?

EN,




Been aus fir
opzehuelen.
geet duer, fir datt
r mat hire staarke
un de Kleeder

## DÉI JOEN.

hirem Affer bis zu
nolafen. Awer keng
i sinn net schnell:
ro Minutt ... mee fir
g Zeck ass dat

## IWWERLIEWENSKËNSCHTLER

Zecken iwwerliewen ...

3 WOCHEN ËNNER WAASSER

EN TOUR AN DER WÄSCHMASCHINN BEI 40°C

24 STONNE BEI –12°C

BIS ZU 10 JOER OUNI IESSEN (AM FUERSCHUNGSLABO)

### GEFÉIERLECH GËTT ET FIR ZECKEN

- an der Wäschmaschinn bei 60 °C
- am Dréchner
- am Feier
- mat >70 % Alkohol

Wann **d'Weibchen** (vum Gewéinlechen Holzbock) sech 1 mol mat Blutt vollgesuckelt huet, da gëtt et **100 bis 200 Mol méi schwéier.** De Mënsch misst esou vill Pizzaen iesse bis en esou vill weit ewéi e 🚚.






VILLFROOSS!

## GROUSSFAMILL!

Eng weiblech Zeck kann tëscht **2.000 an 10.000 Eeër** leeën - jee no Aart.
Een Zeckekand huet also **op d'mannst 2.000 Geschwëster** an hält se zesummen. Dat nennt een och **Zeckekaviar**.



Den **ALEXANDER WEIGAND** ass Wëssenschaftler am Naturmusée a versicht ëmmer erëm nei Saachen iwwer Zecken erauszefannen. Den Alex huet am Radio iwwer Zecke geschwat! Lauschter dach emol hei eran.



De **Gewéinlechen Holzbock** ass zwar déi heefegst Zeck zu Lëtzebuerg, mee och eng aner Zeckenaart ass hei ganz verbreet: D'**Wanterzeck**! Si ass och am Wanter aktiv a ka Muppe krank maachen, wa mir si am Wanter net virun den Zecke schützen!

animalECH

# Dem Freddy säi Liewen

Et gi Bicher, an deenen erzielt gëtt, wat esou alles am Liewe vun enger bestëmmter Persoun geschitt ass. Esou e Buch nennt ee **Biografie**.



Biografien handelen oft vu berüümte Mënschen aus der Geschicht, der Wëssenschaft oder der Konscht. Denk mol u Leit wéi de franséische Keeser Napoleon an déi däitsch Kanzlerin Angela Merkel, den Naturfuerscher Charles Darwin an d'Déierefuerscherin Jane Goodall oder de Komponist Wolfgang Amadeus Mozart an d'Sängerin Madonna. Déi hunn all esou vill erlieft, datt hiert Liewen engem méi spannend virkënnt wéi en décke Roman.







Et ginn awer och ëmmer méi Biografien iwwer eenzel net-mënschlech Déieren - also net nëmmen „iwwer Hënn“ oder „iwwer Äisbieren“ am allgemengen, mee iwwer genee dësen Hond do oder iwwer genee deen Äisbier hei.

An der Ausstellung
**animalECH am Naturmusée**
kanns du d'Liewensgeschicht vum Freddy lauschteren. Dëse Léiw ass sou komesch opgestoppt, datt mir en nach ni gewisen hunn, hien ass duerch Zoufall bei eis an d'Sammlung komm.
Hien erzielt selwer aus sengem traurege Liewen, wéi en als jonke Léiw an Afrika gefaange gouf an dunn an engem enke Käfeg op Lëtzebuerg koum.




Du kanns dem Freddy seng Geschicht och hei lauschteren:

Wann een iwwer säin eegent Liewen erzielt oder schreift, dann ass dat eng **Autobiografie**. Natierlech kënnen Déieren dat net selwer maachen. Déi Aufgab iwwerhuele Mënschen, déi vill vun engem bestëmmten Déier wëssen oder nogesicht hunn, wéi zum Beispill Verhalensfuerscherinnen a - fuerscher.



Firwat maache si dat? **Jiddwer Déier ass eng eenzegaarteg Perséinlechkeet**. Et huet Gewunnechten a Gefiller wéi Angscht, Freed, Trauer - an heiansdo erlieft et Saachen, déi och ons Mënschen no ginn. Wa mir d'Geschicht vun engem Déier liesen, fille mir mat him. Dat nennt een **Empathie**.





A wa mir en Déier besser verstinn, da respektéieren a schütze mer och aner Déieren an hir Liewensraim.

E wichtege Gedanken dobäi ass: Déiere si keng Spillsaachen a keng Filmfiguren. Och wa se berüümt sinn, brauche si Rou, Plaz a Schutz.

## Wéi erzielt een d'Biografie vun engem bestëmmten Déier wéi dem Freddy?



Stell dir vir, jiddwer Déier hätt säin eegent **„Liewensbuch“**, wéi eebe jiddwer Mënsch och. Fir dat ze schreiwe musse mir wéi en Detektiv virgoen an ons dobäi immens vill Froen iwwer d'Déier stellen.

Hei weise mir wéi mir beim Freddy virgaange sinn. Du kanns de selwechten Exercice awer och bei aneren Déiere probéieren.

## Wien ass et?

De Freddy ass e männlechen afrikanesche Léiw (*Panthera leo*).



## Wou lieft et?

Vum Freddy wësse mir, datt hien 1969 als Jongdéier aus der afikanescher Savann op Senneng an den Zoo* bruecht gouf.

* Deen Zoo ass an den 80er Joeren zougemaach ginn, well net gutt no den Déiere gekuckt gouf.



## Wie gehéiert zu senger Famill?

Vum Freddy wësse mir leider net, wie seng Mamm, säi Papp a seng Geschwëster waren. Vu sengem Liewen am Ruddel an der Savann ass näischt gewosst. Well hie schonns als jonke Léiw an den Zoo koum an hei ëmmer eleng gelieft huet, si mir awer sécher, datt e keng Kanner hat.

## Wat passéiert a sengem Liewen?

Wéi jiddwer Léiw ass och de Freddy op d'Welt komm, en huet als klenge Léiw gespillt, vun den erwuessene Léiwe geléiert, en huet gestridden a war bestëmmt och eng Kéier krank. Verhalensfuerscherinnen a -fuerscher passen awer nach op aner wichteg Detailer op:



## Wéi gesäit d'Déier genee aus?

Huet et zum Beispill Narben, déi weisen, datt et a Streiderei verwéckelt war a sech dobäi verletzt huet? Beim Freddy ass vu Fotoe gewousst, datt hien zum Beispill mat 14 Méint schonns eng kleng Mähn hat.




## Wéi verhält et sech?

De Freddy huet praktesch säi ganzt Liewen an engem enke Käfeg verbruecht. War hie virwëlzeg oder éischter virsichteg? Wéi huet hien op d'Mënsche reagéiert? Am Fall vum Freddy ass do wéineg gewousst.

# Wat maache bei Plazen am „Liewensbuch“, wou näischt gewousst ass?

Grad wéi beim Freddy ginn et an all «Liewensbuch» eidel Säiten. Et kann zum Beispill gutt sinn, datt e wëllt Déier wochelaang net ze gesinn ass. Oder et ass nuets ënnerwee. Oder et lieft wäit ewech.

Einfach do Saachen erfannen oder Märercher erzielen geet an der Fuerschung net! Et ginn awer Methode fir méi iwwer dat Déier erauszefannen.



## 1) Spuere liesen

Wéi Detektive gi Fuerscherinnen a Fuerscher op d’Sich no Foussofdréck, Fiederen, Hoer, Kacka, Krazspueren, Iessreschter... Esou kann een dacks soen: „Aha, d’Déier war hei. Et huet dat dote giess. Et ass gesond oder krank.“





## 2) Technik als Hëllefsmëttel

Dës Methoden erlabe vill iwwer dem Déier seng Gewunnechten erauszefannen: E GPS-Halsband weist u wou en Déier drun ass, Kamerafale maachen eng Foto wann et laanscht leeft. Mikroen huelen de Ruff oder Gesang op an DNA-Spueren aus engem Hoer oder dem Kacka ‘verroden’ dat eenzelt Déier. Och d’Fuerscherinnen an d‘Fuerscher vum Naturmusée gräifen op esou Methoden zeréck.



## 3) Vergläicher mat aneren Déieren

Wann een en Déier gutt kennt, da kann een heiansdo och schlau roden. Mee, dat muss een dann awer och kloer soen, wéi „Mir huelen un, datt...“



Am Freddy sengem Fall wësse mir leider net wierklech, wéi hie sech am Zoo zu Senneng gefillt huet. War e gestresst a sengem enke Käfeg? Huet e sech gelangweilt? Et ginn awer genuch Berichter iwwer d’Verhale vun anere Léiwen, déi an änleche Situatiounen an engem Zoo oder Zirkus gelieft hunn. Et kann een also unhuelen, datt et dem Freddy net vill aneschters ergaangen ass.





Komm de Freddy an eis Ausstellung am Naturmusée kucken!



# Wat war lass am PANDA Club?

## De Panda Club huet Moos ënner d'Lupp geholl!

Dir wësst sécher all wat Moos ass, mee wësst dir och wat doran alles sou ronderëm krabbelt?











D'Kanner vum Panda Club hu Moos gesammelt a sech dat ënner der Binokularlupp ganz genee ugekuckt. Dobäi hu si eng ganz Rei spannend Déieren entdeckt. Zum Beispill Waasserbieren, déi berüümt dofir sinn, datt si souguer am Weltall iwwerliewe kënnen.





Duerno gouf mam Moos ee klenge Gaart an enger duerchsiichteger Bull ugeluecht. Dëse Gaart muss, well d'Bull ganz zou ass, just eemol am Joer genätzt ginn. Ganz schéi praktesch!😊

**Och du kanns bei eis matmaachen!**
**Kuck der eise Programm un!**

PANDA Club

SCIENCE CLUB

Fir Kanner vu 6-10 Joer.

Fir Jonker vun 11-18 Joer.



# KNIWWEL

## E Blummebouquet

Du brauchs:




Du kanns och e Stéck faarwege Pabeier oder Kaddospabeier huele fir deng Vase.



Mol mat engem Pinsel eng Vase, Stiller a Blieder op däi Blat.







Zapp d'Forschett an e Flapp Faarf an dréck se op d'Stiller.



A färdeg ass däi Bouquet Blummen.



# Hielenexpert



De Bontspiecht ass onsen heefegste Spiecht a bal esou grouss wéi eng Märel.




Buntspecht, pic épeiche, great spotted woodpecker, *Dendrocopos major*




Jonk Bontspiechten hunn e roude Kapp. Net mam Méttelspiecht verwiesselen!



De Bontspiecht lieft a Bëscher an och a Parken an du kanns hien am ganze Land gesinn.

Seng **Hiel** meesselt de Bontspiecht a krank Beem, op deene ganz oft Champignone wuessen. Well Spiechten normalerweis méi wéi eng Hiel am Joer maachen, schleefe si d'Spore vun de Champignonen, déi op hir Fiedere gefall sinn, vu Bam zu Bam. Esou suerge si dofir, datt nei Champignonen op anere Beem wuessen.

Um Menu vum Bontspiecht stinn Insekten an hir Larven, déi hie meeschtens ënner der Schuel vu Beem fënnt. Heiansdo frësst hien awer och jonk Vullen, déi hien aus Bamhielen oder Vullenhaiser eraus meesselt. Am Hierscht an am Wanter klemmt de Bontspiecht Zappe vun Nolebeem an eng Spléck an enger Bamschuel fir un hier Somen ze kommen. Och Nëss gi mat dëser Method opgemeesselt. Am Wanter kënnt de Bontspiecht och op Fudderplazen, wou hien no Fettbullen a Sonneblummekäre sicht.






Haut ginn an onse Bëscher déi al krank Beem meeschtens stoe gelooss. Dovunner profitéieren net nëmmen d'Spiechten, mee och ganz vill aner Déieren: Meesen, Kuesleefer, Schwaarze Méckefänkert, Hieselmaus, Gaardeschléifer, Fliedermais, Runnen, déi gär a Spiechthielen wunnen.












D'Hiel gëtt mat Holzspéin gepolstert, op déi d'Weibche 4-8 Eeër leet. Männchen a Weibche wiessele sech beim Bréien of. No enger bis 2 Woche klammen d'Schippelcher aus den Eeër. Déi jonk Spiechte ginn nach ongeféier 20 Deeg an der Hiel gefiddert.


TEXT: CLAUDE HEIDT

# KNIWWEL

## Fréijoerszopp




**1** Schiel d'Ënn a schneit se a Stécker.



**3** Gëff d'Ierzen, de Jugurt, Salz, Peffer a Bouillonspudder dobäi. Schëtt d'Waasser drop.





**5** Pléck d'Blieder vum Peffermënz erof a maach se an d'Dëppen.



**6** Mix d'Zopp. Schmaach a wierz eventuell no.








## De Panewippchen

Naturmusée - 25, rue Münster -
L-2160 Lëtzebuerg - Tel.: 462233 450
**www.mnhn.public.lu**

## Impressum

**Redaktiounskommitee:**
A. Bis, S. Goerens, C. Greisen, M. Hagen, S. Hagen, G. Kersch, M. Kirsch, J. Meyer, P. Michaely, F. Theisen, S. Weber.

**Texter:**
C. Biel, A.-M. Bis, J. Diedrich, C. Greisen, M. Hagen, A. Harras, C. Heidt, P. Jeitz, G. Kersch, K. Kurt, N. Leichtenberg, P. Michaely, F. Theisen, S. Weber.

**Grafik an Illustratioun:**
S. Goerens, M. Hagen, S. Hagen, K. Scholtes.

**Fotoen:**
S1 MNHNL
S2&3 MNHNL
S4 Christian Gloor
S5 *Koméit Halley:* RAS pd, *Koméit Wild2:* NASA, *Koméit Hale Bopp:* E. Kolmhofer, H. Raab; Johannes-Kepler-Observatory, Linz, Austria, *Koméit 67P:* ESA, *Koméit 2P:* Celstia Team
S6 *Koméit C/2012 S1 ISON:* NASA, ESA and Z. Levay
S7 *Fong:* The Starmon, *Gemini:* NOIRLab/NSF/AURA/P. Horálek, *Koméit 3I ATLAS:* International Gemini Observatory/NOIRLab/NSF/AURA/Shadow the Scientist, *Koméite kucken: shutterstock*
S8 shutterstock
S9-11 Noah Leichtenberg
S12&13 *Terrarium:* Noah Leichtenberg, *aner:* shutterstock
S14&15 MNHNL
S16&17 *Grupp am Schnéi:* Walter Baxter, *Knoll:* Armin Kübelbeck, *aner:* shutterstock
S18-21 MNHNL
S24&25 shutterstock
S26&27 *Zeckennues:* Paul Leroy, *2 Zecken Mëtt a Foto Alexander:* MNHNL, *aner:* shutterstock
S28-33 *Angela Merkel:* Raimond Spekking, *Madonna:* RaphPH, *Mozart, Darwin, Napolen, Goodall, Flipper, Lassie:* pd, *aner:* MNHNL
S34 MNHNL
S35 MNHNL
S36 *Foto uewe lénks an oval Foto drënner:* Jang Schock, *jonke Bontspiecht:* Chris Cant, *Foto ënnen:* Claude Heidt
S37 *Bontspiecht fiddert:* Bengt Nyman, *Ee:* Didier Descouens, *aner:* Claude Heidt
S38&39 MNHNL
S40 shutterstock

Poster:
S1 Luisa Maria Stagno
S2 *Hannergrond a Foto lénks uewen:* Luisa Maria Stagno, *Zaldot:* public domain, *Dauf mat Fotoapparat:* Bundesarchiv, *Fielsendauwen:* Andrew Dunn, *Tierkendauf:* Joefrei, *Hueldauf:* Frank Vassen, *Grouss Bëschdauf:* Andreas Trepte, *aner:* shutterstock


## Ënnerstëtzung

Ministère de la Culture -
Musée national d'histoire naturelle -
Administration de la Nature et des Forêts -
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable -

## Abonnementer & Info

**panewippchen@mnhn.lu**
**Tel.: 462233 450**

Als Member vum Panda Club kriss du d'Zeitung „De Panewippchen" 4 mol am Joer geschéckt.
Fir Erwuessener, déi „De Panewippchen" fir e Grupp vu Kanner wëllen abonnéieren, si 6 Exemplare vun all Nummer gratis, vum 7. Exemplar u froe mir en Onkäschtebäitrag vun 1 Euro pro Ausgab a pro Exemplar.




# 19/DEC/25 — 23/AUG/26

NATUR MUSÉE
MUSÉE NATIONAL D'HISTOIRE NATURELLE LUXEMBOURG

PERIODIQUE
Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG
POST LUXEMBOURG
PORT PAYÉ
PS/789

**Naturmusée**
25, rue Münster
L-2160 Luxembourg
mnhn.lu

| | |
|---|---|
| MA | 10:00 – 20:00 |
| ME-DI | 10:00 – 18:00 |